d'Lidd vum Théiwesbuer

d'Madammen aus der Sichegaass
déi stonge vrun der Dir
Haut gouf et iescht, verbäi de Spaass
Si rieden hin an hir
d'Regierung hat en Här geschéckt
ze kafen Haus fir Haus
an dat wor deem wéi 't schéngt gegléckt
Si mussen all eraus

d'Gréit jäitzt: Mir haalen nët méi stall
mat Dreë geet et duer
weist deen sech nach am Pafendall
da fléit en an de Buer
Ah non! seet d'Siss, mir plënneren
an d'Lougaass trotz dem Knascht
sollt do en Hond ons hënneren
hu mir och gudde Kascht

Mais d'Stole Broscht seet: Hieft Verstand
Mir street kee Sand an d'Aan
Och d'Lougaass hält nët laang méi stand
wësst dir dann wat mir man
Op d'Käerche baue mir en Dag
eng Roulotte huet säi Charme
déi setze mir ee schéinen Dag
Flang mëtten op d'Plës'daarm

Refräin:
Kanner o Kanner o quel malheur
Mir mussen aus der "Rue des Fleurs"
Wéi as dat menscheméiglech nur
Mir musse fort vum "Théiwesbuer".

Text: Fritz Weimerskirch
Musek: No enger aler Melodie